

## **Net vreckt ze kréien**

Mär sinn net vreckt ze kréien  
Keen keen kann eis den Arem béien  
Mär maachen wat eis gefält, mär liewen an eiser Welt

Mär ginn keng Garantie  
Déi kriss du néirens, déi kriss du ni  
Mär sinn déi mat deenen frechen Zongen, mär sinn déi béis Jongen

Mär gesinn nëmmen nach MooF, do geet där een of  
dat rappt dech aus dem Schlof, jo hei ass MooF  
Mär sinn einfach gutt, eis feelt et net um Mutt  
dat läit eis am Blut, an d'Wourecht deet esou gutt  
Mär sinn tätowéiert, nach laang net klasséiert  
hunn ëmmer gär gebéiert, sinn net crispéiert  
Mär sinn net perfekt, an awer Korrekt  
an nach laang net vreckt, hu där dat geschéckt

Mär bleiwen Äersch ëmmer trei  
Mär bleiwen ëmmer fonkelnei  
Bei eis stitt där an der éischer Rei

Mär sinn och schonn al an nach laang net äiskal  
total brutal an net méi normal  
Oh vreck, hunn mär Äersch elo erschreckt  
Mär sinn nach laang net vreckt, mär hunn d'Liewen nei entdeckt

Mär bleiwen Äersch ëmmer trei  
Mär bleiwen ëmmer fonkelnei  
Bei eis stitt där an der éischer Rei

Mär sinn net vreckt ze kréien  
Bei eis hunn Fatzen ëmmer missen fléien  
Net fäerten wann mär kommen, mär sinn déi béis Jongen

## Niresteng

Déi Steng kommen, kommen vun den Niren  
Si mussen eraus dogéint kanns du dech net wieren  
Wann se kommen dat brennt an et pickt  
Mengs grad du häss een Rolling Stone gejickt

### Niresteng

Alles ass zou, an ewéi dat dréckt  
Ewéi een Vulkan ech mengen ech ginn verréckt  
Ech molen Biller an den Sand an Pärelen op der Stir  
Mengs grad do hätt een geschoss mat engem Schroust Gewier

Jo si kommen an sinn net kleng  
Jo si kommen déi rollend Steng  
Angscht vun de Steng hues du keng  
Niresteng-Niresteng-Niresteng-Niresteng

Du bäiss op d'Zänn, Schweess an den Hänn  
et muss een vill drénken  
Esou rout ewéi Wäin, Blut am Porzeläin  
wat déi Steng blénken  
Dat deet esou wéi, du kanns net méi  
du mengs du häss se net méi all  
Dat brennt an deet net gutt, al déi Péng an dat Blut  
fir een Kristall

Jo si kommen an sinn net kleng  
Jo si kommen déi rollend Steng  
Angscht vun de Steng hues du keng  
Niresteng-Niresteng-Niresteng-Niresteng

## **Béist Meedchen**

Moies fréi 4 Auer ech kommen aus der Gaass  
Ech war eraus an ech hat mäin Spaass  
Eng Fra kennen geléiert dat war eng béis béis Moss  
Mär hunn Schampes gesoff an et war näischt ëm soss

Hatt huet seng Hand ob meng Been geluet  
Hatt huet mär gelaacht an ech hunn mär näischt dobäi geduecht  
Ech war net ze halen hatt huet mär den Kapp verdréint  
Ech hunn bezuelt an ech hunn och vill vill getéint

Béist béist Meedchen du gëss Gaass  
Béist béist Meedchen du mëss Spaass  
Béist béist Meedchen du gëss Gaass  
Béist béist Meedchen d' Wiss ass Naass

Ech war Mëttes doheem dat war eng laang laang Nuecht  
Ech hat gesoff an hat net iwverluecht  
Ech hunn et gebrach dat Sex t Sex t Gebot  
Jepo ech weess ech sinn een Risen, Risen Idiot

Béist béist Meedchen du gëss Gaass  
Béist béist Meedchen du mëss Spaass  
Béist béist Meedchen du gëss Gaass  
Béist béist Meedchen d' Wiss ass Naass

Ech weess net wei soll ech där dat nach erklären  
Ech hunn dech dach iwwert alles gären  
Hatt seet zu mär du waars bei enger Houer  
Ma nee meng Maus dat ass dach net wouer  
Dat Meedchen dat ass esou esou béis  
Ech hunn mech gewiert mat Hänn an mat Féiss  
Wann den Vull steet dann steet d'Gehir  
Ech kann dach net dofir dat Meedchen wollt mech beetschen

## **Schéin Welt**

Eis ass et egal, wat d'Leit vun eis halen  
Bekëmmert Äersch ëm Äersch, mär loossen keen falen  
Mär hunn vill Schäiss gebaut, sinn och gelungen  
Mee wann et drëms geet, halen mär zesummen

Mär brauchen den Kick, mär sinn net normal  
Ob richtig oder falsch, dat ass schäissegal  
Mer soen ewéi et ass, dat wat der denkt  
Mer wëssen ewéi et ass,  
am Liewen do kritt een näischt geschenkt  
Am Liewen kritt een näischt geschenkt

Schéin Welt wat eng Schéi Welt  
mär maachen wat eis gefällt  
Et geet nëmmen nach ëm d'Geld  
Wat eng wat eng schéi schéi Welt

Mär sinn riichteraus, mär loossen eis goen  
Mär sinn eben esou, mär loossen keen stoen  
Mer soen ewéi et ass, dat wat der denkt  
Mer wëssen ewéi et ass,  
am Liewen do kritt een näischt geschenkt  
Am Liewen kritt een näischt geschenkt

Schéin Welt wat eng Schéi Welt  
mär maachen wat eis gefällt  
Et geet nëmmen nach ëm d'Geld  
Wat eng wat eng schéi Schäiss Welt

## **Einfach Mënsch bleiwen**

Mär blären an wëllen schocken  
mär nennen dat ganz einfach rocken  
Et ass eis schäissegal vun wou's du bass  
Haaptsaach du, du hues eng lass  
Haut ass Party an et gëtt perfekt  
an Moar ginn sech d'Wonnen eréischt geleckt

Einfach Mënsch bleiwen, kann dach net esou schwéier sinn  
Wann mär feieren gëtt sech iwverginn  
Mär sinn ewéi mär sinn, ëmmer iwverdreiwen  
't ass net einfach Mënsch ze bleiwen

Mär brauchen Rock an keen Held  
Et gëtt schonn genuch Schäiss op dëser Welt  
Mär brauchen dat an spillen bis 1000 Bar  
Jo lauschtert dem Paul seng Gittar

Einfach Mënsch bleiwen, kann dach net esou schwéier sinn  
Wann mär feieren gëtt sech iwverginn  
Mär sinn ewéi mär sinn, ëmmer iwverdreiwen  
't ass net einfach Mënsch ze bleiwen

Mär wëllen et och emol esou richtig iwverdreiwen  
Mär feieren saufen an sinn esou frou  
Dobäi net vergiessen einfach Mënsch ze bleiwen  
Bei eis ass ëmmer op an Dir déi ass ni zou

Einfach Mënsch bleiwen, kann dach net esou schwéier sinn  
Wann mär feieren gëtt sech iwverginn  
Mär sinn ewéi mär sinn, ëmmer iwverdreiwen  
't ass net einfach Mënsch ze bleiwen

## **D' Schoul brennt**

Jo ech sinn erëm do  
Jo ech weess ech sinn eng Risen Plo  
Ech hunn gesoff bis et net méi gaangen ass  
An um Comptoir hunn ech all Mënsch beschass

Jo ech hunn ëmmer gelunn  
Jo ech war ob der falscher Bunn  
Ech konnt nëmmen nach déif falen  
Dovun konnt mech keen méi ofhalen

Ech sinn haut net méi ze erkennen  
Gëff m'är nach eng Chance  
Ech wäert keng Schoul méi ofbrennen

d' Schoul brennt , d' Schoul brennt  
d' Schoul brennt , d' Schoul brennt

Jo ech hat ëmmer erëm Zoff  
Jo ech hat einfach ze vill gesoff  
Ech war eben ëmmer ëmmer voll  
Mee haut hunn ech mech awer ënner Kontroll

Ech sinn haut net méi ze erkennen  
Gëff m'är nach eng Chance  
Ech wäert keng Schoul méi ofbrennen

d' Schoul brennt , d' Schoul brennt  
d' Schoul brennt , d' Schoul brennt

Du hues ëmmer gär mam Feier gespillt  
Dat huet sech esou gutt ugefillt  
Kuck emol ewéi gesäis du aus  
An d'Feier dat geet net aus

## Holy Raiber

Jo Heen ass een Holy Diver  
Jo Heen ass een béise Raiber  
Heen ass esou séier an esou schnell  
Heen kënnt direkt aus der Hell

Jo Heen kënnt an der Nuecht.  
An der Nuecht wann den Dag sech huet geluecht  
Jo Heen ass den Holy Raiber dat stëmmt  
Wann Heen do war ass alles geplëmmt

Heen ass deen deen gären wénkt  
An deen deen vun Geld nëmmen esou sténkt  
Heen mengt Heen hätt alles ënner Kontroll  
An seng Täschen ginn einfach net genuch voll

Jo Heen ass ëmmer esou schick  
Jo Heen schafft mat all Trick  
Hee mengt Heen hätt ëmmer Recht  
Jo Heen Heen ass esou schlecht

Där gitt virun him an d'Knéien  
Heen ass net ze kréien net ze béien  
Heen taucht einfach ënner  
Holy Holy Moly Där kritt Heen ni

Jo Heen ass een Holy Diver  
Jo Heen ass een béise Raiber  
Jo Heen ass esou richtig Béist  
An deen deen géint alles verstéisst

Jo Heen kënnt mat der Sonn  
Mat der Sonn an der richteger Stonn  
Jo Heen ass den Holy Raiber dat stëmmt  
Wann Heen do war ass alles geplëmmt

Där gitt virun him an d'Knéien  
Heen ass net ze kréien net ze béien  
Heen taucht einfach ënner  
Holy Holy Moly Där kritt Heen ni

**'t deet esou wéi**

Doheem gëss du hin an hir gestouss, d'interesséiert keen,  
keen kuckt no där, also wat mëss du doheem  
Keng richtig Frënn an keen, deen eppes vun där hält,  
huet d'Liewen een Sënn op dëser Welt

't deet esou wéi, weem deet et Leed  
Weess dann iwwerhaapt een ëm wat et geet

Tréinen am Gesicht, an d'Aen sinn esou rout,  
den Kierper ass esou eidel, an net wäit vum Doud  
Dat Liewen ouni Gefiller, mécht dech verréckt  
total ënnerdréckt hues du dech mat, Drogen ausgedréckt

't deet esou wéi, weem deet et Leed  
Weess dann iwwerhaapt een ëm wat et geet

Aus der Therapie, en neit Liewen, fuer duer  
Hat konnt erëm Liewen, géff ni op, t' ass ni verluer

't deet esou wéi, weem deet et Leed  
Weess dann iwwerhaapt een ëm wat et geet